N° 4771
Reçue le 30.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.07.2021

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsministesch an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

D'Pandemie huet eis virun Ae gefouert, wéi wichteg et ass, dass zu all Moment genuch gutt forméiert Gesondheetspersonal disponibel ass. Wëssend, dass de Bedarf an de kommende Jore kaum wäert erofgoen, wéilt ech folgend Froen un d'Madame Gesondheetsministesch an un den Här Educatiounsminister stellen:

- Wéi vill Schüler si fir d'Rentrée 2021/2022 am „Lycée technique pour professions de Santé" (LTPS) ageschriwwen?
- Wéi vill Lëtzebuerger Studenten sinn aktuell am Ausland amgaang, e Gesondheetsberuff ze léieren?
- Wéi vill jonk Leit, déi e Gesondheetsberuff léieren, ginn am Laf vum Joer 2022 mat hire Studie fäerdeg?
- Wéi vill Leit aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur sinn am Laf vum Joer 2022 pensiounsberechtegt?
- Wéi vill Plazen am Gesondheets- a Fleegesecteur wäerten am Laf vum Joer 2022 – duerch d'Tatsaach, dass eventuell net genuch Kandidaten do sinn – net kënne besat ginn?
- Wat ass vu Säite vu Gesondheets- an Educatiounsministère geplangt, fir d'Attraktivitéit vun de Gesondheets- a Fleegeberuffer kuerzfristeg an d'Luucht ze setzen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: MARKOVA Anastassia
Tel: 24785526
Email: anastassia.markova@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

**Réf. :** 839xd2af8

Luxembourg, le 14 septembre 2021

**Concerne:** Question parlementaire n° 4771 du 30 juillet 2021 de Monsieur le Député Marc Spautz

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, de Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et de la soussignée à la question parlementaire n°4771 du 30 juillet 2021 de Monsieur le Député Marc Spautz concernant "Besoins en professions médicales et de santé".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Pour la Ministre de la Santé,**

**Claire ANGELSBERG**
**Conseiller de Gouvernement 1ère Classe**

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé, de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche à la question parlementaire n°4771 du 30 juillet 2021 de Monsieur le Député Marc Spautz concernant "Besoins en professions médicales et de santé".**

De folgenden Tableau refleteiert d'Zuel vun de Schüler a Studenten, déi fir d'Rentrée 2021-2022 am Lycée technique pour professions de santé (LTPS) ageschriwwe sinn. Et sief preziséiert, datt dës Zuelen nom Ufank vum Schouljoer respektiv am Laf vum Schouljoer oder dem akademesche Joer nach liicht kënne variéieren:

| | |
|---|---|
| **Formation professionnelle** | |
| Section des aides-soignants | |
| AS 1re année | 176 |
| AS 2e année | 119 |
| AS 3e année | 126 |
| Section des assistants en pharmacie | |
| AP 1re année | 11 |
| AP 2e année | 6 |
| AP 3e année | 7 |
| **Enseignement secondaire général** | |
| Section de la formation de l'infirmier | |
| 2 GSI | 194 |
| 1 GSI | 160 |
| Section des sciences de la santé | |
| 2GSH | 71 |
| 1GSH | 48 |
| **Brevet de technicien supérieur** | |
| Infirmier responsable en soins généraux | |
| SI 1re année | 75 |
| SI 2e année | 74 |
| Sage-femme | |
| SF 1re année | 14 |
| SF 2e année | 5 |
| SF 3e année | 5 |
| Assistant technique médical de radiologie | |
| SR 1re année | 8 |
| SR 2e année | 7 |
| SR 3e année | 7 |
| Assistant technique médical de chirurgie | |
| SC 1re année | 6 |
| SC 2e année | 6 |
| Infirmier en anesthésie et réanimation | |
| SA 1re année | 17 |
| SA 2e année | 13 |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

| | |
|---|---|
| Infirmier en pédiatrie | |
| SP 1re année | 5 |
| SP 2e année | 6 |
| Infirmier psychiatrique | |
| SP 1re année | 6 |
| SP 2e année | 7 |

Ronn 1.050 Studenten, déi hire Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn, waren am akademesche Joer 2020/2021 am Ausland an engem Studiegang ageschriwwen, deen duerno d'Méiglechkeet gëtt, fir an engem Gesondheetsberuff ze schaffen.

Genau Zuele kann ee fir 2022 nach net matdeelen, mee et gëtt geschat, dass ronn 400 Studenten, déi hire Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn, am akademesche Joer 2021/2022 zu Lëtzebuerg oder am Ausland hiert Studium am Beräich vun engem Gesondheetsberuff ofschléisse wäerten.

Et leien aktuell keng Donneeë vir, fir op d'Froen ze äntweren, wéi vill Leit am Laf vum Joer 2022 pensiounsberechtegt sinn, respektiv wéi vill Posten net kënne besat ginn, well net genuch Kandidaten do sinn.

De Gesondheetsministère organiséiert fir 2022/2023 eng grouss Valorisatioun- an Promotiounscampagne vun de Gesondheetsberuffer. Dës Campagne gëtt all zwee Joer widderholl.

D'Legislatioun betreffend d'Gesondheetsberuffer gëtt grondleeënd reforméiert an aktualiséiert, d.h. d'Reglementatioun iwwert den Exercice gëtt fir all Gesondheetsberuff der Realitéit vum Terrain an de Besoine vun de verschiddene Secteuren ugepasst.

Fir folgend Gesondheetsberuffer gëtt an den nächste Joren eng Formatioun um Niveau Bachelor op der Université du Luxembourg en place gesat:

a. Infirmier responsable en soins généraux
b. Infirmier en anesthésie et réanimation
c. Infirmier psychiatrique
d. Infirmier pédiatrique
e. Assistant technique médical en chirurgie
f. Assistant technique médical en radiologie
g. Sage-femme